N°2604
Entrée le 20.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°2604 vum 14. Juli 2025 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen betreffend « Fonctionnement et contrôle des trackers dans les bus RGTR ».**

Den honorabelen Deputéierte berifft sech op e Communiqué vum EPPO (European Public Prosecutor's Office) iwwer europäesch Subsiden fir Elektrobussen an national Ofrechnungen fir Elektrobussen, fir zousätzlech Froen iwwer dës Affaire ze stellen.

Verschidde Froe gi schonn a menger Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 2588 vum honorablen Deputéierten Yves Cruchten beäntwert, op déi ech mer erlaben ze verweisen.

**1) Kann d'Madamm Minister déi technesch Modalitéiten, esou wéi an der Press beschriwwen, confirméieren? Falls jo, a wéi dacks sinn déi entspriechend Tracker an de Joren 2020 bis 2025 iwerpréift ginn? Falls net, wéi goufen déi entspiechend Faarten dann dokumentéiert?**

Dës Fro ass Deel vun der laafender juristesch Enquête. Ewéi och schonn an der parlamentarescher Fro 2588 beäntwert, ënnerläit dës deemno dem *secret de l'instruction*.

Déi entspriechend ëffentlech Autoritéite wäerten onageschränkt mat de Justizautoritéiten zesummeschaffe fir déi signaliséiert Faiten opzeklären. Et gëtt hei op de Prinzip vun der *Présomption d'innocence* verwisen an datt keng definitiv Conclusiounen an enger laafender Prozedur gezu ginn.

**2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob déi genannten Tracker auschliisslech am Beräich vum RGTR agesaat ginn, oder generell a sämtleche Beräicher, wou de Staat den ëffentleche Bustransport subventionéiert, notamment am Beräich vun der AVL, dem Schoultransport fir d'Lycéeën an dem TICE?**

De System deen ënnert d'Kompetenz vun der ATP fält, gëtt fir den RGTR an de Schülertransport am Secondaire agesat, ewéi och an de Busse vum TICE. Aner Bedreiwer vu Buslinnen ewéi d'AVL hunn änlech Technologien.

**3) Gouf onofhängeg vun der juristescher Enquête eng intern, technesch Feeleranalyse lancéiert, fir auszeschléissen, datt et an Zukunft zu weidere Feelfunktione bei der Ofrechnung mat den RGTR-Entreprisen, respektiv an anere Beräicher, wou déi enspriechend Apparaten och agesat géifen, komme kann? Falls net, firwat net?**

Cf. Äntwert op d'Fro 1.

Lëtzebuerg, den 20. August 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes